PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/08/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur, Tourismus & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2152 hat d'Regierung Auskonft iwwert d'Drénkwaasserreserven zu Lëtzebuerg ginn. Duerch Coronapandemie verreese manner Leit dëst Joer an et ass dovunner auszegoen, dass de Waasserverbrauch elo an de Summerméint, speziell an dëser Hëtztwell, an d'Luucht geet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann de Minister fir Tourismus chiffréieren, wéi vill Persounen hei am Land dëst Joer net wäerten an aner Länner verreesen?
2. Opgeschlësselt no Mount, wéi héich war de Waasserverbrauch zu Lëtzebuerg zënter Januar?
3. Wéi huet sech de Waasserverbrauch, opgeschlësselt no Mount, am Verglach zu de selwechte Méint an de Joren 2018 an 2019 entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député